N°1370
Entrée le 14.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

# Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n°1370 vum 16 Oktober 2024 vum honorabelen Députéierten Mars di Bartolomeo

**Ad 1)**

Aktuell si 64 Honorarkonsul:innen vun anere Länner zu Lëtzebuerg genannt. Detailer kënnen am Annuaire "*Représentations consulaires d'États étrangers au Grand-Duché de Luxembourg*" consultéiert ginn.

**Ad 2)**

Virun der Nominatioun vun engem Honorarkonsul:inn gëtt en Avis beim Staatlechen Noriichtendéngscht (SRE) zu där Persoun ugefrot, an dat no Kapitel 2 vum Gesetz vum 15. Juni 2004 betreffend d'Organisatioun vum Geheimdéngscht.

Wann auslännesch Honorarkonsul:innen bis genannt sinn, d.h. wa se den Exequatur vum Groussherzog kritt hunn, ass et un de jeeweilege Länner de Suivi vun hire Honorarkonsul:innen z'assuréieren.

Am Fall vun engem Incident, huet d'Lëtzebuerger Regierung awer d'Méiglechkeet dem Groussherzog ze roden, d'Exequatur vun deem/där Honorarkonsul:in zeréckzezéien.

Et gëtt hei erënnert datt, anescht wéi Diplomaten, Honorarkonsul:innen hei zu Lëtzebuerg kee Recht op Privileegien an Immunitéiten hunn.

**Ad 3)**

Bei der ernimmter Enquête goufen, souwäit de Ministère fir auswäerteg an europäesch Ugeleeënheeten, Verdeedegung, Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel au courant ass, keng Honorarkonsul:innen vun anere Länner hei zu Lëtzebuerg genannt.

**Ad 4)**

D'Lëtzebuerger Regierung baséiert sech an dësem Kontext strikt op d'Wiener Konventioun iwwert konsularesch Bezéiungen vun 1963.

Lëtzebuerg, den 14 November 2024

De Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel